

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Februar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

D'Regierung wëll d'Elektromobilitéit massiv ënnerstëtzen. Elo, no dem Autosfestival, ass vläicht e gudden Abléck, fir e Bilan ze zéien.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Mobilitéitsminister:

1. Wéi vill Autoen déi ganz elektresch, respektiv hybrid ugedriwwe ginn, sinn aktuell vu private Stéit ugemellt?
2. Wéi vill vun deene Stéit hunn nach zousätzlech een oder méi Autoen, déi mat fossiller Energie bedriwwe ginn?
3. Wéi vill Firmen hunn en elektrescht, respektiv hybrid Gefier ugemellt? Wéi vill vun deene Gefierer sinn utilitär?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten